

# Commission des Jeunes FSCL

## Rapport du 9 octobre 2023

Café Dina Dumont, 162, route d'Arlon zu Stroossen.

Présents : MM. Guy CRUCHTEN, Marc SCHMIT, Marco SCHMITZ, Steve URBAN par vidéo, Richard SPAUTZ,

Excusés : Mme Susy GODART,  
MM. Romain ENGELS; Dirk PUTZ, Claude MAGAR,

Assistent: Néant

### **1. Upassung vun eisem Rapport vum 11. September 2023.**

Et as näischt am Rapport ze änneren. De Rapport as eestëmmeg ugehol.

### **2. Homologatioun vun de Rapports de Courses.**

Et leien déi Rapportë viir vun :

***LP Muhlenbach*** vum 10. Juni 2023 (3. Course) am Bike Parc Boy Konen zu Zéisséng:

Délégué : Ed WAGNER, Directeur de course : Mme Mara SCHWAGER.

85 Kanner si matgefuer: BAMBI 1 :12 ( 5 f) // BAMBI 2: 21 (4 f) // BAMBI 3: 19 (3 f) // BENJAMIN 1: 16 (3 f) // BENJAMIN 2: 17 (5 f).

Remarques: Et ware Schwieregkeete beim Opstelle vum Klassement.

***LG Bertrange*** vum 17. September 2023 (5. Course) am Bartrenger Park.:

Délégué: Richard SPAUTZ, Directeur de course : Carlo LUX.

77 Kanner si matgefuer : BAMBI 1 : 15 (6 f) // BAMBI 2: 22 (4 f) // BAMBI 3: 20 (1 f) // BENJAMIN 1: 11 (2 f) // BENJAMIN 2: 17 (4 f) // BENJAMIN 3: 2 (1 f)

Ausser dem offiziellem Klassement sin och 31 Kanner mat Laaftrad (5) oder mat Pedallen (26) matgefuer op engem klengen, riichten Parcours am Bartrenger Park (asphaltéierte Wee) matgefuer dat de Kanner vill Freed gemaach huet an de Veräin huet jidderem eng Medaille gin..

Remarques: Keng Zäite vum 1. Arrivant geholl.

***Vélo Woolz*** vum 23. September an der Kaul (6. Course).

Délégué: Richard SPAUTZ, Directeur de course : Fernand THEISEN.

Remarques : näischt

***LP 07 Schifflange*** vum 30. September 2023, 7. Course um Parcours d'adresse um Biergerner Wee) .

Délégué: Ed WAGNER, Directeur de course : Claude MAGAR .

72 Kanner si matgefuer : BAMBI 1 : 11 (4 f) // BAMBI 2 : 20 (3 f) // BAMBI 3: 17 (1 f) // BENJAMIN 1: 13 (3 f) // BENJAMIN 2: 10 (2 f) //

Remarques : Näscht

**UC Dippach** vum 7. Oktober um Campus „Ecole fondamentale“ quer duerch de Bësch a Wiss bei der Grondschoul.

Délégué: Richard SPAUTZ; Directeur de course : Serge HAAG.

60 Kanner si matgefuer: BAMBI 1 : 13 (3 f) // BAMBI 2: 16 (3 f) // BAMBI 3: 15 (1 f) // BENJAMIN 1: 9 (2 f) // BENJAMIN 2 : 9 (2 f) //

Remarques: Et ware keng Kanäl fir den Départ nom Ranking vum GK op ze ruffeen mat Kräit gezun. Bambi 3 as een Tour ze vill gefuer méi wéi 11 Minuten. Mea culpa. D'nächst Joer BAMBI 3 op der selwechter Streck 4 Tiir.n

**Leschte Course fir 2023 as den 21. Oktober organiséiert CT Atertdaul zu Réiden/Atert beim Lycée.** Delegéierten FSCL : Richard Spautz.

### **3. Indemnité unique à M. Alex Magar.**

De Claude MAGAR deelt eis mat datt den Alex séng 400.-€ vun der Federatioun iwverwise krut. Affaire classée.

### **4. Plastifierte Fächer vum FSCL Insigne Technique.**

Eise Sponsor CK Kieffer vu Leideleng as gesfrot gin op si d'Méiglechkeet hätten eis 250 esou Fächeren (85 x 115 mm) op plastifizierten Pabeier ze drécken. Den Alex MAGAR huet déi graphesch Aarbechten scho préparéiert an sie musse lo nach just gedréckt gin. D'Madame Aurélie Decker, déi den Här Josy Frisch ersetzt, huet nach keng Äntwert gin well d'Firma fir d'nächst Woch ee grousst Evenement muss viirbereeden. Mir waarden op hiere Feed Back.

### **5. Proposition des dépenses à prévoir pour la commission des JEUNES en 2024.**

Confection de plaques de guidon	800,00€
Commande Trophées et médailles personnalisés RCM	1300,00€
Remise des trophées et médailles personnalisés	1000,00€
Location vélos et divers	500,00€
Imprimerie et graphique	1000,00€
Agape de fin d'année commission des Jeunes	1000,00€

### **6. Divers**

De Claude MAGAR huet am viraus gefrot fir eng Epreuve Jeunes bei hierem CX Enn d'nächst Joer oder den Dag virdrun ze organiséieren. Am Fall vun enger positiver Äntwert géif de Veräin dat dann och fir de Kalennerkongress ufroen. D'Reglement gesäit jo vir datt déi Epreuves JEUNES vu Mëtt Mäerz bis Enn Oktober sollen oflafen, well bei dese Kategorien nach méi d'Spill wéi déi reng Kompetitioun zielt. Déi Kanner missten am Wanter aner Aktivitéiten mat hierem Veräin maachen, Spiller mat Lafen, Sprangen Schwammen oder bei gemässechten Temperaturen am Bësch Vëlo fueren. Verschidde vun eise Memberen fäerten d'Kanner kéinten sech vum Vëlo ofwennen wann am Wanter näscht um Vëlo geschitt. Aus eegener Praxis am VSD an der UCD hun ech do näscht négatives gemierkt. Déi Fro gétt weidergeleet un een Trainer z.B. Luc NOTHUM, Mich. WOLTER oder Isa REIFFERS. Mir waarden op ee Feedback vun hinnen äert mir do Decisiounen huelen.

Et misst ee **Règlement interne** ausgeschafft gin woraus, ënneranerem erviirgeet, wéivill Leit an enger Kommissioun sollen oder däerfe sin mee maximal 2 vun engem Veräin wann de Quotus net erreecht as. **D'Sekretariat misst d'Veräiner virun enger AG oder dem Kalennerkongress informéieren, datt sie sollen eng Persoun aus hierem Veräin bei der FSCL virdrun umellen fir an eng Kommissioun wou nach Plaze fräi sin.**

**D'Sekretariat misst d'Veräiner informéieren iwver déi nächst Coursussen vum Kids Coach de 18. Oktober vun 18 bis 22 Auer am INS, den 19. Oktober vun 17 bis 21 Auer am Atert Lycée Réiden, an de 26. Oktober vun 17 bis 21 Auer och am Atert Lycée Réiden.**

Et as gefrot gin fir ee Changement am Règlement JEUNES der AG zur Ofstëmmung ze proposéieren. An der nächste Sëtzung gët eng Proposition gemaach a gekuckt op dat an de Règlement interne misst kommen oder d'Course Reglement misst geännert gin?.

Well verschidde Memberen net présents waren gi versschidde Affären op déi nächste Sëtzung, den 13. November am Café Beim Gina DUMONT zu Stroossen verluecht.

Verschidde Veräiner géifen och oft mat de Kanner an d'Ausland fueren. Nom Coursereglement vun der FSCL däerfen d'Jeunes bis Débutants nëmmen eng Course am Weekend fueren. D'Federation géif deene Veräiner awer eng Autorisation schreiwen. Op dat um selwechte Weekend vun enger lëtzebuerger Course as oder op do dee Weekend keng Organisation vun engem FSCL-Veräin war weess ech elo net sécher, mee eisem Member no wär dat de Fall. Pacta servanda sunt. Also net direkt bäissen wann et net esou wär.

De Marc Schmit huet mam DNS Christian Helmig diskutéiert iwver eng oder zwou Coursen Jeunes déi fir d'FSCL Klassement géif zielen an Däitschland oder Belgien ze organiséieren. De Christian Helmig informéiert sech a seet dem Marc Schmit Bescheid an da kéim de Punkt op eisen nächsten OJ.

Op der nächster Réunioun gëtt iwver e méigleche Evenement (?) geschwat wou mir vläicht missten eng Dosen oder méi Véloë lounen,

Et sin nach weider Themen ugeschwat gin mee doriwwer diskutéiere mir an enger anerer Réunioun wa jiddereen présent as. Soulaang de Steve Orban nach verhënnert as schalte mir hien per WhatsApp bäi.

Eis nächste Réunioun as Méindes, den 13. November ëm 19:30 Auer am Café Gina Dumont zu Stroossen.

Le secrétaire ff

Richard Spautz

.